



en fait e bëssen e Pionéier vum digitale Payment. Mir sinn en fait d'Zentral an Europa vum E-Payment, vum Payment électronique, ob dat elo PayPal ass, déi déi éischt waren, déi hei sinn, ob dat Alipay vu China ass, ob dat Rakuten vu Japan ass. All déi Gesellschaften, déi am Commerce électronique ënnerwee sinn an déi selwer eeben de Payment électronique erlaben a Plattformen hunn, fir dat ze maachen, si jo zu Lëtzebuerg ugeseidelt.

Mir waren och dat éischt Land, wat sech do e bësse Reegele ginn huet: Well villes do nach net mat engem fäerdege Kader definéiert ass, huet d'CSSF viru véier oder fënnef Joer gesot, dass een, wann ee gär mat virtuelle Wärunge schafft, eng Lizenz muss hunn. Do gëtt et Länner, wou een dofir keng Lizenz brauch, zu Lëtzebuerg brauch een dofir eng Lizenz, an zwar firwat? Vun deem Moment un, wou d'digital Wärunge an eng traditionell Wärunge transforméiert gëtt, ass ee jo erëm am Domaine traditionnel dran, an da brauch een eng Lizenz. Dat heescht, d'CSSF applizéiert en fait déi existéierend Legislatioun fir normal traditionell Wärunge och op d'digital Wärunge, souwäit dat ka gemaach ginn.

Mir hunn haut de Mëtten no dëser Debatt hei och e Gesetzestext, deen Dir diskutéiere wäert, fir d'Emissioun vun Titren elektronesch kënnen ze maachen, ënner anerem iwwert d'Blockchain. Mir hunn zu Lëtzebuerg scho virun zwee Joer Transaktiounen iwwert d'Blockchain erlaabt - dat ass och e Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet - a mir waren eent vun deenen éischte Länner, déi dat erlaabt hunn. Haut gi mer, wann d'Chamber dat stëmmt, e Schrëtt méi wäit, an deem et net nëmme méi ëm d'Commercialisatioun, mee och ëm d'Emissioun vun esou Titrë geet.

Mir hunn also hei eng Positioun, dass mer dat ganz no suivéieren, dass mer dat och progressiv an eis Gesetzgebung ëmsetzen, wann et néideg ass oder wann et utile ass, an dat dann och adaptéieren.

Last but not least hu mer zu Lëtzebuerg viru véier Joer d'Luxembourg House of Financial Technology gegrënnt, de LHoFT. Do sinn haut 70, 75 Entreprises dran, déi do hir Büroen hunn, an da sinn eng 70, 75 Entreprises, déi affiliéiert sinn, déi Member sinn. An do sinn der 11 Stéck, dat si justement Firmen, déi an der Blockchain, an den digitale Wärunge ënnerwee sinn. An et gëtt och méi wéi eng Dosen Entreprises, déi och Member am LHoFT sinn. Dir gesitt, mir sinn do gutt positionéiert. Och am Kontext vum Brexit hu mer do déi eng oder aner Entreprise kënnen iwwerzeegen, dat vu Lëtzebuerg aus ze maachen.

Nun, an dat wär meng Konklusioun: Digital Wärunge, dat ass kee Selbstzweck. Et kéint e Selbstzweck sinn, mee et ass keen. Et geet en fait drëms, dem Client, dem Consommateur eng Bezuelméiglechkeet ze ginn, déi méi rapid a méi effikass ass, an et geet drëms - also zu Lëtzebuerg -, déi Innovatiounen ze begleeten, ech hunn dat elo grad beschriwwen, et geet drëms, an den nächste Joren en europäesche Kader ze schafen. Evidemment, mir hunn eng gemeinsam Wärunge, also musse mer hei e gemeinsamen europäesche Kader hunn. Drëtens geet et drëms, de Schutz vun Investisseuren ze garantéieren, a leschten, och dorëms, d'Stabilitéit vun de Finanzplazen an d'Stabilitéit vun eiser Geldpolitik ze assuréieren.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. Den Här Laurent Mosar huet nach eng Zousazfro.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, fir d'alléierscht, Här President, wëll ech dem Finanzminister Merci ze soe fir déi trotzdeem ganz komplett Erklärungen, déi e ginn huet. Et ass awer eng weesentlech Fro, déi e mer net direkt beäntwert huet: Dat ass d'Form, déi déi europäesch digital Wärunge dann eventuell soll unhuelen. An Dir hutt zu Recht, Här Finanzminister, vun de Chineese geschwat, déi eis do, wéi sou oft, e puer Nuese virus sinn.

Do muss een awer wëssen, datt d'Chineesen eigentlech ganz kritesch zu de Kryptowärunge stinn, contrairement zu den Amerikaner. D'Chineese sinn net beegeschtert, an duerfir geet d'chinesesch Zentralbank, souwäit ech dat ka matverfollegen, eigentlech och net op de Wee vun der Blockchain, mee déi geet op de Wee vun deem sougenannte Yuan numérique. Dat heescht, dat gëtt eigentlech just eng digital Wärunge, wou e Stempel, iergenden Zeeche vun der chinesesch Zentralbank dropkënn, an da misst déi, wéi Der richtegerweis sot, jo eent zu eent kënnen konvertéiert ginn.

D'Fro ass allerdéngs, a wat fir eng Richtung mer an Europa wëlle goen, an do hunn ech lech déi zwou Méiglechkeete gesot. Mengen Informatiounen no - mee Dir sidd méi no dru wéi ech - schéngt et éischer och an eng änlech Richtung ze goe wéi a China, wat ech och perséinlech éischer géif begrëssen. Mee, wéi gesot, Dir hat mer op déi Fro keng Äntwert ginn, duerfir wollt ech se awer trotzdeem nach eng Kéier stellen, fir ganz komplett ze sinn, Dir an ech och. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Finanzminister.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, merci. Dat ass richtig, dass ech deen Deel net beäntwert hunn, ech war schonn iwwert d'Zäit, mee et ass eng ganz legitim a ganz richtig Fro.

Et ass ganz kloer, dass d'Europäesch Zentralbank, änlech wéi déi chinesesch, ganz an d'Richtung vun enger Digitaliséierung vun hirer eegener Wärunge, dem Euro, denkt. Et ass dorëms, wou et geet: Et geet ëm den digitalen Euro, sou wéi et a China ëm den digitale Yuan geet.

Dir hutt, mengen ech, an Ärem Vergläich gesot, entweder Kryptowärunge oder traditionell Wärunge. Et gëtt nach ganz vill aner Nuancen a ganz vill aner Méiglechkeeten. Et kéint ee jo och de Panier huelen, esou wéi Facebook dat envisagéiert hat. Also do gëtt et ganz, ganz vill Méiglechkeeten.

Ech mengen, do wou een d'Trennung am beschte maache kann, dat ass, andeems ee seet, dass eng Zentralbank - déi Europäesch, muer déi amerikanesch oder déi chinesesch - sech drëm bekëmmert, wat mat hirer habituel Wärunge geschitt, wéi déi soll digital gebraucht ginn. Et ass jo evident, dass d'Zentralbank sech doriwwer Gedanke maache muss, well schlussendlech geet et jo och ëm d'Geldpolitik, ëm d'Politique monétaire, wéi déi soll gestalt ginn.

An dat war, mengen ech, och hannendrun eppes, wou sech de G7 oder de G20 - wou Lëtzebuerg leider nach net derbäi ass -, ...

(Hilarité)

... staark opposéiert huet, well e gesot huet: „Wéi maache mer dat dann, wann do eng Firma ass, déi Milliarde Clienten huet an domat en fait digital Payementer an der Héicht vun Honnerten, Dausende Milliarde generéiert, déi elektronesch bezuelt ginn a laanscht d'Politique monétaire traditionelle ginn?“ Dat ass e ganz komplizéiert Theema.

Also fir elo kuerz drop ze äntweren: D'Europäesch Zentralbank denkt änlech wéi déi chinesesch, fir sech op d'mannst ganz kloer ze positionéieren, wéi den digitalen Euro muer da soll ausgesinn a wat den Encadrement juridique dovunner soll sinn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Finanzminister. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 5. 7637 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

2° de la loi du 6 avril 2013 relative aux titres dématérialisés

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7637 iwwert d'Wäertpabeieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloucht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Ech däerf dann elo hei op eng zimmlech analog Manéier vun deem engen digitale Sujet op deen aneren eriwirswitchen. D'Digitaliséierung, wéi mer alleguer wëssen, ass ee vun de bedeitende Phenomeener, déi eis Gesellschaft an eis Wirtschaft am Moment op eng dacks disruptiv Manéier beaflossen a veränneren. Dës Changementer betreffen och eisen nationale Finanzsektor.

D'Digitaliséierung an dësem Sektore geet an engem rasanten Tempo iwwert d'Bün, sief dat virun allem um Niveau vun den interne Prozesser bei den Acteuren selwer, oder awer och, fir d'Bezéiung mam Client ze vereinfachen.

Nieft den traditionellen Acteuren aus dem Sektore, wéi zum Beispill de Banken, kommen och ëmmer méi jonk Entreprises, sougenannt FinTechen, op de Maart, déi mat hiren innovativen Iddien d'Digitaliséierung virundreiwen - denke mer nëmme un d'Paymentsservicer, déi et eis haut erméiglechen, méi sécher a méi bequeme mam Handy wéi mat der Kreditkaart ze bezuelen.

Beim Gesetzesprojet 7637 geet et drëm, e weidere Schrëtt am Uerkennte vun den innovativen Technologien am Finanzberäich ze maachen. Och wann dëse Projet de loi technologieneutral - oder, wéi den honorabelen Här Sven Clement soe géif: „technologieagnostesch“ - formuléiert ass, geet et hei besonnesch drëm, eng weider legal Basis fir d'Blockchain-technologie ze schafen.

Et stellt sech d'Fro: Wat ass dann iwwerhaupt eng Blockchain oder, wéi ech et d'leschte Kéier geléiert gouf, „chaîne de blocs“, wéi d'Fransouse gäre soen? Abee, déi eng an eenzeg Äntwert heirobber

gëtt et net. Et gëtt effektiv eng Hellewull vu Stréimungen am Beräich vun der Blockchain-technologie, déi et onméiglech mécht, eng genee Definitioun ze ginn.

Et gëtt awer eng Eegenschaft, mat där een eng Blockchain erkenne kann: Et handelt sech ëm digital geséichert Regëstere, déi et duerch hire Verifikatiounsprozess quasi onméiglech maachen, dass d'Informatiounen, déi op engem Regëster ofgespäichert sinn, falsch oder falsifiéiert sinn oder ginn. Eng wichteg Charakteristik ass och, dass et onméiglech ass, op eng fraudulent Manéier Informatiounen réckwierkend ze veränneren.

Fir nëmme e puer Virdeeler vun dëser Technologie ze nennen: Si bréngt Sécherheet, si schafft Vertrauen, si erméiglecht eng Traçabilitéit - op Lëtzebuergesch géif ee vläicht soen „Novollzéibarkeet“ - vun den Transaktiounen a si erhéicht d'Schnellegkeet an d'Effizienz, fir nëmme déi hei puer ze nennen.

Dës digital Regëster kënnen entweder zentral oder dezentral strukturéiert sinn an ëffentlech oder nëmme restriktiv zougänglech sinn. Déi méi bekannt Variant ass déi vun der Distributed-Ledger-Technology (DLT), also den dezentrale Regëster, wéi zum Beispill Bitcoin oder den ECR-20-Standard vun Ethereum.

De Projet de loi, mat deem mer eis haut beschäftegen, steet an der Kontinuitéit vum Gesetz vum 2019, wou mer en éischte wichtige Schrëtt fir d'Unerkennung vun der Blockchain gemaach haten: Do gouf d'Zirkulatioun vun dematerialiséierten Titren op esou enger Blockchain explizit erlaabt. D'Echoen aus dem Sektore soen, dass d'Gesetz och scho ganz positiv opgehooll gouf.

De Gesetzesprojet, dee mer haut kucken an iwwert dee mer haut ofstëmmen sollen, mécht dann nach e weidere Schrëtt bei der expliziter Unerkennung vun innovativen Technologie wéi der Blockchain-technologie fir de Finanzsektore am Beräich vun der Emissioun vun sougenannten dematerialiséierten Titren. Mir schafen hei, fir méi genau ze sinn, e Kader fir dematerialiséiert Titren, also digital Wäertpabeieren, déi direkt an ouni Ëmweeër op enger Blockchain emetteiert ginn.

Konkreet gëtt proposéiert, eng Definitioun vum Compte d'émission an d'Gesetz vum 2013 iwwert d'dematerialiséiert Titre bäizefügen. Dës Definitioun hält fest, dass de Kont op enger Blockchain ka gehale ginn an dass d'Titren, zum Beispill Aktien oder Obligatiounen wéi mer se kennen, och iwwert d'Blockchain emetteiert kënnen ginn - op gutt Lëtzebuergesch gesot: „an Ëmlaf bruecht kënnen ginn“.

Fir e bessert Verständnis oder fir et méi einfach a kloer ze soen: Bei deene Konten handelt et sech net ëm klassesch Bankkonten, mee, wéi gesot, ëm Regëster, déi et erlaben, dematerialiséiert Titren ze schafen oder ze verkafen, jo, ze verdeelen. D'Innovatioun läit doranner, datt den Titre direkt op esou enger Blockchain ka geschaf ginn an net als éischt duerch eng nodréiglech „Tokenisatioun“, wéi dat am fachtechnesche Jargon heescht, an den Ëmlaf vun enger Blockchain gesat gëtt. Dës Dispositioun gëtt den Acteuren eng Rechtssécherheet bei dësen dach relativ komplexen Operatiounen.

En zweete Volet vum Gesetzesprojet handelt vun den Entitéiten, déi de Compte d'émission dierfen halen. Dës Roll gëtt vun engem sougenannten „teneur de compte central“ ausgefouert, also engem Finanzdéngschtleeschter, deen eng spezifesch Lizenz fir dës Aktivitéit huet.

Falls et sech ëm net cotéiert Scholdtitren handelt, soll dës Rôle och fir Investmententreprisen oder Établissements de crédit, also iwwerwaacht Banken, opgemaach ginn, ouni awer eng spezifesch zousätzlech Lizenz mussen unfroen. Dës Méiglechkeet gëllt och schonn an anere Memberstaaten.

Fir eng zousätzlech Sécherheet fir den Emetteur an Investisseur sécherzestellen an och de Level-Playingfield oprechtzeerhalen, proposéiert de Gesetzesprojet, dass dës Entitéiten, wa se d'Roll vum Teneur de compte central ausüben, eng Rei vun Infrastrukturen a Kontroll- bezéiungsweis Sécherheitsmechanismen en place setze mussen, fir dës Funktioun uerdnungsgeméis ausüben oder ausféieren ze kënnen. Mat dëser Dispositioun wäerten d'Banken an d'Investmententreprisen eng nei Gamm u Servicer proposéiere kënnen an d'Emetteuren vun de viséierten Titren hu méi Méiglechkeeten, fir hir Emissioun besser ze gestalten.

Komme mer dann, wéi dat esou üblech ass, zu de verschiddenen Avisen zu dësem Projet de loi.

D'Handelskummer begréisst ausdrécklech de Gesetzesprojet a si ënnersträicht, dass et sech heibäi ëm e weidere wichtige Schrëtt handelt, fir de Gebrauch vun innovativen Technologien, an dësem Fall dann der sougenannte Blockchain-technologie am Finanzsektore, virunzedreiwen. Domat gëtt an den Ae vun der Chambre de Commerce och d'Rechtssécherheet an d'Kloerheet vun den Texter gestärkt.

Si begréisst och, datt Lëtzebuerg sech aktiv zu der Blockchain-technologie positionéiert an dass eist Land sech mat dësem Gesetzesprojet als fortschrëttlech Juridictioun fir d'Emissioun vun Titren ervirhiewe kann. Zulescht gëtt vun der Chambre de Commerce och nach positiv opgehooll, dass Lëtzebuerg eng progressiv, also schrëttweis Approche bei der Blockchain-technologie unhëlt. Si begréisst dës Initiativ also staark.

De Staatsrot approuvéiert a sengem Avis vum 4. Dezember 2020 de Gesetzesprojet an d'Approche, déi geholl ginn ass. En huet dann och keng Opposition formelle formuléiert. Déi héich Kierperschaft mécht awer zwou Haaptbemerkungen iwwert de generelle Gesetzestext:

A sengem Avis notéiert de Staatsrot, dass et sech heibäi net ëm e komplette legale Kader handelt, deen d'Notze vun der Blockchain-technologie an allen Detailer reegelt, wéi dat eventuell a verschiddenen anere Länner de Fall kéint sinn.

De Staatsrot huet fir d'Artikelen 2 an 3 nach Verständnesfroen opgeworf, dat am Kontext vun der Roll vun den neien Teneurs de comptes centraux: Déi héich Kierperschaft freet sech hei, ob d'Établissements de crédit an d'Investmententreprisen, déi dës Roll am Kontext vun net cotéierte Scholdtitren iwwerhuele kënnen, keen zousätzlechen Agreement froe missten. Mir kruten awer an der zoustänneger Finanz- a Budgetkommissioun vun de Beamten aus dem Finanzministère bestätegt, dass kee weideren Agreement verlaangt ass.

Wéi am Commentaire des articles steet a wéi ech et och éinescht erkläert hunn, mussen déi zwee genannten Type vun Entitéiten awer eng Rei vun Infrastrukturen a Kontroll- bezéiungsweis Sécherheitsmechanismen en place setzen, fir dës Funktioun kënnen auszeüben. Dat eeben, fir de Level-Playingfield tëscht deenen zwee verschiddenen Acteuren bäizebehalen.

Alles an allem kann een also soen, dass déi zwee Avisa ganz positiv ausgefall sinn.

Fir awer nach kuerz e puer Erklärungen zu der éischer Kritik vum Staatsrot ze ginn: De Finanzministère huet eis dozou erkläert, datt Lëtzebuerg Upassunge maache wëll, do wou et wichteg ass, fir Rechtssécherheet ze schafen an de Potenzial vun der Blockchain-technologie ze nutzen. Et ass net opportunn, fir en holistesche Kader ze schafen, besonnesch well um europäeschen Niveau nach intensiv Diskussiounen an dësem Kontext lafen. An Erwaardung vun europäesche Reegele setzt Lëtzebuerg Akzenter do, wou et néideg schéngt, fir weider Kloerheet an eebe Sécurité juridique ze schafen.

Et ass also e bewusste Choix getraff ginn, fir d'Innovatiounen cibléiert ze begleeten an eng Flexibilitéit ze behale par rapport zu den Initiativen op dem supranationale Plang - prinzipiell also dem europäesche Kontext -, wat extreem wichteg ass bei den Technologien, déi evidenterweis, wéi mer et och elo just héieren hunn, keng Landesgrenze kennen.

De Manière générale handelt et sech hei sécherlech net ëm dee leschte Gesetzesprojet am Kader vun der Blockchain-technologie. Et ass eng Technologie, déi ëmmer méi u Maturitéit gewënnt. Lëtzebuerg ass bereet, an dësem Zusammenhang ëmmer nees weider Schrëtt ze maachen, wann dat néideg a wann dat ubruecht ass.

Et sief awer nach bemierkt, dass dëse Projet de loi zum internationale Rayonnement vu Lëtzebuerg bäidréit, an dat als enger, losse mer soen, innovativer an zukunftsorientierter Finanzplaz, déi sech den neien Technologie sécherlech net verschléisst.

Ofschléissend ass wierklech ze begrëssen, dass dëse Projet de Produit vun enger gudder Zesummenaarbecht tëscht dem betraffene Sektore, dem Regulateur an der Politik, also och eis, ass. E baséiert soumat op engem ganz breede Konsens a stellt sécher, dass hei d'Erwaardunge vu jidderengem kënnen an Aklang matenee bruecht ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat gesot, bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren. Ech ginn natierlech am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet. Ech wëll op dëser Plaz och de Kolleegen aus der zoustänneger Finanzkommissioun Merci soe fir hir - jiddefalls an dësem Fall - konstruktiv an onopgereegt Manéier, fir un dësen Dossier erunzegoen. Nach eng Kéier merci fir Äert Nolauschteren an, wéi gesot, ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur André Bauler villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll natierlech och ufänke mat engem ganz grouse Merci un de Rapporteur. Ech sinn ëmmer erëm impresséiert, mat wat fir enger Rou, Ausgeglichenheet a Kompetenz den Här Bauler net





nëmme ganz vill extreem technesch Rapporten hei rapportéiert, mee haaptsächlech och seng Kommissioun féiert. Duerfir och e ganz grousser Merci dofir un den Här Bauler!

Ech wollt just eng ganz kuerz Bemierkung zum Projet maachen, fir déi ech eigentlech net hätt missen hei erop op d'Riednerpult kommen. Mee ech hunn nach eng aner Bemierkung zum Schluss, déi mech awer dozou geféiert huet eropzekommen, well ech mengen, dass et wichteg wier, Här Finanzminister.

Déi Remark, déi ech zum Projet ze maachen hunn, ass eigentlech déi - an ech sinn net deen Eenzege, dee se mécht, mir hu virdru laang heiriwwer geschwat, Dir an ech och - iwwert d'Wichtegkeet vun de Blockchaintechnologien generell. An ech denken do jo awer ganz besonnesch un eng Resolutioun, déi d'Europaparlament 2018 adoptéiert huet, wou justement am Kontext vun där Blockchaintechnologie eigentlech eng Opfuerderung erausgaangen ass un déi verschidden national Parlamenten, fir generell e legale Kader fir déi Blockchaintechnologien ze schafen.

A wann ech e bësse kucken, wat och esou an eisen Nopeschlänner geschitt, gesinn ech, dass eis franséisch Noperen schonn e bësse weiderkomm sinn: Déi hunn eng Rei vun Elementer vum Cadre légal virgesinn. An ech hunn awer e bëssen d'Impressioun, dass mer hei eng Chance verpasst hunn, fir eis vläicht ganz vir an den éischte Waggon vun europäeschen Zuch fir déi Blockchaintechnologie ze setzen, andeems mer och e generelle legale Kader geschaaft hätten. Well - Dir hutt et virdru selwer ënnerstrach, Här Finanzminister - et ass extremement wichteg, hei bei esou enger Technologie awer gewësse Garantië fir de Bierger ze schafen. An dozou gehéiert natierlech virun allem e legale Kader.

Ech verstinn awer, dass Der hei mat enger gewëssener Virsiicht un deen Dossier erugitt, déi ech och respektéieren, notament, well een natierlech net dierf aus den Ae verléieren, dass et hei och ëm d'Zukunft vu ville Banken op der Plaz geet an dass d'Roll vun de Banken duerch déi Blockchaintechnologien an duerch déi ganz virtuell Wärunge natierlech ëmmer méi kleng gëtt, vu dass ee jo dofir keen Intermediaire méi brauch.

Nach sinn ech awer der Meinung, et soll een deesen Dossier offensiv weiderverfollegen. A mir sollen op jidde Fall kucken, dass mir awer do Virreider sinn, ier um europäeschen Niveau e legale Kader kënn, an dass mir schonn déi Dispositiounen hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen, ier se dann am Rescht vun Europa ëmgesat ginn, och am Sënn vun enger gudder Kompetitivitéit vun der Lëtzeburgerescher Finanz- a Bankplaz.

Da kommen ech awer zu eppes, Här Finanzminister, wat eis als CSV-Fraktioun de Mëtten extremement perturbéiert huet. An ech wëll dat hei an der Chamber soen, well mer am Moment an Zäite sinn, déi net einfach sinn - net einfach fir lech, net einfach fir d'Regierung -, well mir kréien an deenen nächste Méint e GAFI-Rapport, wou et net einfach gëtt, fir eis Finanzplaz ze verdeedegen.

An ech hunn duerfir zur Kenntnis geholl, dass am Europaparlament e Vott war, e Vott op Initiativ vun deene Lénken, déi gefrot hunn, ënner anerem Lëtzebuerg op déi Schwaarz Lëscht ze setzen. Déi gutt Noriicht ass, dass déi Resolutioun verworf ginn ass. Déi schlecht ass allerdéngs, Här President, dass ech gesinn hunn, dass zwee eminent Vertrieeder vun dëser Majoritéit, dovun een, dee laang an dësem Haus souz, dee laang Joren d'Aussen- an europapolitisch Kommissioun presidéiert huet, nämlech den Här Marc Angel, dëser Resolutioun hir Zoustëmmung ginn hunn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - D'Madamm Tilly Metz, gradesou, huet matgestëmmt, dass Lëtzebuerg op d'Schwaarz Lëscht vun de Steuerparadieser soll kommen.

(*Brouhaha*)

Dir Dammen an Dir Hären, ech muss lech soen, ech fannen dat grav! An ech géif wierklech wëllen déi Fro stellen, Här Finanzminister, ob dës Majoritéit hei nach eng gemeinsam Positioun huet. Ech weess, wéi schwéier dass Dir et am Moment hutt, an hei huet en Deel vun Ärer Majoritéit lech e Bierendéngscht geleescht, andeem se op Bréissel ginn an do eng Motioun oder eng Resolutioun matstëmmen, wou Lëtzebuerg op d'Schwaarz Lëscht kënn! Si ginn domadder dem GAFI e Kaddo! Déi wäerten natierlech mat Genoss soen, dass den Här Angel an d'Madamm Metz dat do matgestëmmt hunn.

Ech muss lech soen, an deenen Zäiten ass dat onverantwortlech! Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** - Merci, Här President. Ech denken, op den Dossier GAFI wäerte mer spëtstens och nach eng Kéier muer - muer, mengen ech,

ass et um Ordre du jour, wou et eng Kéier zur Diskussioun kënn - zréckkommen.

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift e bësse méi roueg!

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** - Ech géif dem honorablen Deputéierten, dem Här Bauler, Merci soe fir säin exzellente Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, nom Gesetz vun 2019, wou mer mat den Titren unerkannt hunn, wat d'Transaktiounen, wat den Handel ubelaangt, fir dat do kënnen iwwer en elektronischen Enregistrement ze quitéieren, den Enregistrement unzekerennen, ass dat heiten am Fong déi zweet Etapp, wou mer d'Emissioun vun deenen Titre maachen.

Ech mengen, souwuel an der Question élargie wéi elo an der Presentatioun vum Rapport ass festgehale ginn oder erkläert ginn: virtuell Wärunge, Kryptowärunge, Bitcoins an esou weider. Eis Meinung ass och - an ech denken, dat héieren ech op jidde Fall aus deenen Argumentatiounen eraus, déi gemaach gi sinn -, dass Lëtzebuerg sech jo net aleng dogéint ka stäipen an dass dat eppes ass, wat kënn. A mir probéieren, do e Kader ze setzen, souwuel um nationale Plang, um internationale Plang an haaptsächlech um europäesche Plang.

Just fir e puer Chifferen ze soen: Den Här Mosar ass drop agaangen, dass d'Bitcoins momentan op 21 Milliounen Unitéite reglementéiert sinn, si sinn awer scho bei 18 Milliounen Unitéiten ukomm an dass Entreprisé wéi PayPal momentan 26 Milliounen Entrepreneuren erlaben, via Bitcoin, mat Hëllef vu Bitcoin hir Transaktiounen kënnen ze bezuelen. Et ass also eppes, wat een net soll ënnerschätzen, wou mer eis sollen dermat ausersetzen a souwuel d'Avantagen, mee awer och d'Desavantages domadder begleeden.

Wann een dat Ganzt kuckt - an Dir hat et, Här Minister, ugeschwat - par rapport zu der Politique monétaire vun den Zentralbanken, wéi dat heite cadréiert gëtt par rapport zur Geldpolitik vun den Zentralbanken, ass dat an eisen Ae relativ wichteg an eppes, wou een en A muss drop werfen.

Wann een d'Valeur en circulation vu Bitcoins momentan kuckt, dann huet dat eng Valeur vu 400 Milliarden Dollar. Als Beispill kann ee soen, oder als Géigeniwwersetzung: Wann Der de Goldmarché kuckt, dat Gold, wat momentan weltwäit a Circulation ass, do sidd Der op 12.000 Milliarden Dollar. Et ass also net, dass Bitcoin näischt ass an d'Gold ze vill. Dat huet natierlech vill mam Marché ze dinn, d'Volatilitééit bei Bitcoins ass extrem staark.

Zum Schluss wëll ech nach mat där Remark schléissen, dass et eis och enger harmoniséierter Approche um Niveau vun der EU feelt, wéi mer mat deene virtuelle Wärunge ëmginn, notament och mat der Besteuerung par rapport zu de Länner - Lëtzebuerg par rapport zu anere Länner an Europa -, wéi dat am fiskale Beräich gekuckt gëtt.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. A mir wäerten natierlech och d'Evolution vun deene virtuelle Wärunge am A behalen. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Haagen. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorablen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Och vu menger Säit e grousser Merci un de Rapporteur André Bauler fir d'Explikatioun vun dësem Gesetzesprojekt.

Digital Outils kënnen onst Liewe méi einfach maachen a sinn och fir d'Ekonomie wichteg. D'Digitalisatioun ass eeben eng grouss Chance, fir dass mer méi produktiv an och nohalte ginn, wat d'ekonomesch Entwécklung ugeet. An och fir d'Finanzplaz si sougenannt Distributed-Ledger-Technologies wéi d'Blockchain wichteg. Si ginn ëmmer méi benotzt, notament och an der Emissioun vun de Wäertpabeieren. Dës Technologie bidden héich Sécherheet, si sinn transparent a kënnen d'Transaktionskäschte staark reduzéieren a sinn deemno och gutt fir d'Konsumenten.

An eng ganz Rei grouss institutionell Acteuren, dorënner och grouss Banke mat internationalen Organisatiounen, hu schonn Obligatiounen erausginn, déi exklusiv iwwer eng Blockchain registréiert goufen.

Verschidden Acteure sinn och amgaangen, Plattformen an Infrastrukturen opzebauen, déi et Finanzacteuren erlaben sollen, Wäertpabeiere reng digital auszustellen, ze handelen, ze verwalten, an dat net just fir éffentlech Wäertpabeieren, mee och fir privat Pabeieren. Déi nei Technologie sinn also och eng Chance fir ons Finanzplaz.

Fir de Finanzstanduert op der Héicht vun der Zäit ze halen, mussen mir Lëtzebuerg eeben zu engem Virreider an der Digitalisatioun vun der Finanzplaz maachen an esou déi positiv Chance, déi d'Digitalisatioun ons bitt, notzen. Dës Gesetzesprojekt ass dofir e wichteg weidere Schrëtt.

D'Benotze vun Distributed-Ledger-Technologies, dorënner d'Blockchain, fir d'Emissioun vu Wäertpabeiere gëtt duerch dës Gesetzesännerung gesetzlech verankert a vereinfacht. Domat si mer eent vun de Länner, déi d'Benotze vun der Blockchain-technologie am Finanzsektor fërderen. Gläichzäiteg sprang mir mat dësem Gesetzesprojekt awer och net virun de Won, well mir den Teneur de compte central just partiell auswäiten.

Här President, Dir Dammen an Hären, an der Geschicht ware mer zu Lëtzebuerg scho méi dacks Virreider, wann et dréms gaangen ass, informatesch Systemer a Kooperatiounen opstellen, fir ons Finanzplaz proaktiv weiderzebréngen.

Ab den 1960er Joren hu sech déi sougenannt Eurobonds duerchgesat, also Obligatiounen, déi international emetteert a gehandelt goufen. Lëtzebuerg war do e Virreider, well déi am Ufank bal all hei op der Bourse cotéiert goufen. De Problem war, dass déi Pabeieren, déi deemools jo natierlech physisch existéiert hunn, bei engem groussen Deel vun Transaktiounen och hu misse physisch ausgelievert ginn. Dat war deemno e groussen Opwand, fir Dausenden an Dausende vu Wäertpabeiere sécher ze transportéieren an dat alles korrekt ze verfolge. Et koom zu laange Retarden, deelweis iwwer Méint, an och zu Iwwerfall op Transporter a sou weider.

Euroclear, an du kuerz duerno d'Cedel, waren hei Virreider, well si d'Pabeieren zentral geréiert a gelagert hunn, dat heescht, eng Transaktioun huet just nach mussen an hirem System gemaach ginn an net méi physisch. Dat huet zu engem enorme Gewënn un Zäit, Suen a Sécherheet gefouert. D'Titre waren ëmmer nach physisch, mee si hunn awer dunn net méi physisch mussen zirkuléieren.

D'Cedel ass entstanen aus enger Kooperatioun vu Banken hei op der Plaz, war absolute Virreider am Notze vun informatesch Systemer an ass also eng Erfolgsstory, déi en immensen Attrait fir d'Plaz duergestallt huet. A fir dat méiglech ze maachen, hu mer och deemools onse gesetzleche Kader mussen upassen.

Här President, Dir Dammen an Hären, och mat dësem Gesetz gi mer weider Schrëtt a stellen ons besser op fir d'Zukunft. A mir sollten onse reglementäresche Kader och an Zukunft weider upassen an eventuell och ausbauen, fir op där enger Säit déi nei Technologien ze promovéieren, a se gläichzäiteg ze encadréieren. Ënner anerem Frankräich an d'Schwaiz hu sech a rezente Gesetzer, wat d'Benotze vun Distributed-Ledger-Technologies, méi e breede Kader ginn.

An à propos sech proaktiv opstellen: D'Kryptowärunge - de Mëtten ass schonn driwwer geschwat ginn - sinn e weideren Trend an der digitaler Finanzwelt. Hei huet d'EU am Kader vu hirer Digital-Finance-Strategy e wäitreechend Reglement an Aussicht gestallt. Mat dësem Reglement soll 2023 en EU-wäit harmoniséierte Kader fir eng Rei vu Kryptoassets agefouert ginn, an och hei mat engem duebeln Zil: d'Entwécklung begleeden a reguléieren, andeems zum Beispill och de Konsument geschützt gëtt a gläichzäiteg d'ekonomesch Opportunitéiten genotzt ginn.

E weidert wichtegt Beispill, wat d'Proaktivitéit ugeet: Gréng Finanzen, eng grouss Opportunitéit fir ons Ekonomie an och am Interessi vun der Zukunftsfäegkeet vun onsem Land. Dofir mussen mir ons Efforten och hei weider an déi Richtung intensivéieren. Nieft deem immens grouss positiven Impact vun nohaltegen Investissementen op d'Klima an d'Ëmwelt si Klimafinanzrisiken awer och e systemesche Risk fir ons Finanzplaz, an dofir mussen mir ons Efforten och weider verstärken, wat d'Transparenz an d'Identifizierung vu Klimarisiken ugeet. Dat ass nämlech alles wichteg, fir ons besser fir d'Zukunft opstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz erweideren a vereinfachen mer d'Méiglechkeet fir d'Emissioun vun dematerialiséierten Titren. Mir schafen eng spezifesch Base légal, fir Titren iwwer geséichert elektronesch Mechanismen ze enregistréieren; d'Blockchain ass ee Beispill vun esou engem Registre distribué. Mir handelen mat dësem Gesetz proaktiv, begleeden a reguléieren den digitale Wandel, wat gutt fir de Konsument ass, a mir stellen ons Finanzplaz domadder gutt fir d'Zukunft op. Déi proaktiv Approche sollt mer och an den nächste Jore weiderféieren.

Ech soen lech allegueren dofir Merci fir d'Noleschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här François Benoy. An da wier et um honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mosar huet ugefaange mat engem grousser Luef fir den Här Bauler. Ech mengen, dat huet e wierklech verdéngt! En huet et haut an engem Dossier, wou mer alleguer Neiland betrieden, awer wierklech fäerdegbruecht, eng ganz pedagogesch Approche ze hunn an eis lues a

lues un déi Technologie erunzeféieren, wat eis natierlech och d'Diskussioun doriwwer erlaabt a méi einfach mécht.

Et ass esou, dass een hei e puer Saache muss am A behalen. Dat Éischt ass - den Här Bauler huet dat jo och erkläert -, dass mir hei am Land eng Etappenapproche gewielt hunn, net dee kompletten holistische Kader, deen aner Länner, wéi notament Frankräich, gewielt hunn. Dat huet seng Virdeeler - an den Här Bauler huet drop higewisen -, et huet awer och de Risiko, dass ee vläicht eng Kéier eng Etapp verpasst. Wa mer deen dote Wee ginn, mussen mer also kucken, dass mer wierklech ëmmer ausloten, mat dem Sektor zesummen, wat deen nächste Schrëtt muss sinn, fir dass mer an där Technologie net den Uschloss verléieren.

En zweete Risiko ass natierlech de Sécherheitsrisiko. Den Här Bauler huet et sou duergestallt, wéi wann dat am Abléck technesch als fälschungssécher kéint consideréiert ginn. D'Diskussiounen hate mer der an der Geschicht awer scho ganz vill. Ech ernënnere mech och, wéi mer den Euro agefouert hunn, dass dat och gesot ginn ass: „A, déi Schöner, déi si fälschungssécher!“ Dat ass natierlech méi einfach wéi elo bei der Blockchaintechnologie, an awer ginn all Dag säckweis falsch Euroschöner zerféiert. Mir mussen oppassen, iwwerall wou Mënschen intervenéieren ... Vläch ass d'Technik och méi sécher, mee bei deenen Zommen - den Här Haagen hat der och e puer rappeléiert -, déi hei am Spill sinn, besteet natierlech trotzdem och de Risiko vun der Fraude. A mir mussen kucken, dass mer eis Finanzplaz esou opstellen, dass d'Blockchaintechnologie esou encadréiert ass, dass se och do wierklech sécher ass.

Dann, ekonomesch Risiken: Natierlech, déi Deme-diatisierung (veuillez lire: déi Desintermediation) vun de Banken, well hir Rôle ännert, ass natierlech eng Erausforderung. De Profil vun der Finanzplaz wäert sech och mat deenen neien Technologien änneren.

An da kommen ech op dee Punkt, deen och vläch muss genau an deem do Kontext consideréiert ginn: Dat ass d'Formatioun op der Place bancaire. Well déi nei Technologie benéidegen nei Kompetenzen. An eng vun deene Kriticken, déi dozou gefouert hunn, dass Luxembourg School of Finance huet mussen hir Aktivitéiten astellen, wor eeben déi, dass d'Formatioun net méi op deem Niveau war, deen op der Bankeplaz wierklech gebraucht ginn ass. Et ass also scho wichteg, dass d'Universitéit an aner Acteuren, déi d'Formatioun op der Finanzplaz am Abléck sollen assureieren, och wierklech op dem leschte Stand vun deenen Technologie sinn. Dat ass en Defi, dee mer mussen huelen.

Um europäesche Plang, zwee Kommentaren: Deen éischten ass, dass déi Blockchaintechnologie jo och am breede Kontext vun der europäescher Aktivitéit muss gesi ginn. Mir haten de Kommissär Nico Schmit, dee wor am März zejoert, wéi mer nach konnte reesen, souguer iwwert déi belsch-Lëtzeburger Grenz, heihinnerkomm an huet eis iwwert d'Blockchaintechnologie geschwat.

A wat notament fir eis als Lëtzebuerg interessant ass, dass ass, dass déi DG Informatique, déi jo och zum Deel hei zu Lëtzebuerg ass, implizéiert ass an eng Rei vun europäesche Projeten, déi zum Deel vun der Kommissioun koordinéiert ginn, mee och an der Autoritéit vun de Memberstaate leien. Dat si Blockchainpartnerschaften um Niveau vun Europa, wou ganz vill interessant Projete sinn, wéi zum Beispill d'Authentifizierung vun Nottärsakten oder och vun Diplomen, wou een dann direkt kann gesinn, ob en Diplom registréiert ass, ob en authentesch ass an esou weider, d'selwecht bei aneren Dokumenten. An et ass eng Méiglechkeet, fir de Standuert Lëtzebuerg hei ze stäerken, just an deem Beräich vun der Spëtzenttechnologie Blockchain, iwwert déi europäesch Institutiounen, déi mer hei hunn. Zum Deel si se zu Bréissel, zum Deel zu Lëtzebuerg, mee dat Standbeen, wat mer zu Lëtzebuerg hunn, sollt mer voll ausschöpfen.

An eng zweet Bemierkung, wat Europa ugeet - an do wéilt ech och dat opgräifen, wat den Här Mosar gesot huet -: Ech kann dat net novollzéien, dass zwee Europadeputéierter vu Lëtzebuerg, och nach vu Parteien, déi Member an der Regierungskoalition sinn, esou am Europaparlament ofgestëmmt hunn, dass Lëtzebuerg sollt op eng schwaarz Lëscht kommen!

Mir haten dat schonn an der Vergaangenheet, dass huet mech all Kéiers schrecklech gestéiert! Mir haten et, wéi déi gréng am Europaparlament géint den CETA gestëmmt hunn, an hei am Parlament fir den CETA gestëmmt hunn. Dat ass näischt Neies, mir haten dat schonn e puermol.

An awer stellt sech d'Fro: Wéi eng Zouverlässigkeet bidden d'LSAP an déi gréng, fir d'Finanzpolitik an d'Politik vun der Regierung iwwerhaapt ze ënnerstëtzen, wa se am Europaparlament esou géint d'Lëtzeburger Interessen oprieden an hei am Parlament bei de Budgetdebatten oder bei engem État de la nation der Regierung hiert vollt Vertrauen ausschwätzen? Dat ass einfach net kredibel! An et





ass e risége Problem, wa mir eng Regierungskoalitioun hunn, wou zwou vun dräi Parteien offensichtlech Problemer mat hirer interner Koordination hunn. Gleewe se zu Stroossembuerg net un dat, wat se hei zu Lëtzebuerg maachen? Mee esou geet et net!

An dee Vott vum Europaparlament vun de Sozialisten a vun deene Grénge, dee wäert am Gediecht nis bleiwen. Et ass wierklech der eegener Regierung, déi si stellen, an de Réck gefall! Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Zu deem Projet de loi - ech mengen, ech hunn dat oft gesot, wann ech hu missen zu engem Sujet schwätzen, dee mat Blockchain ze dinn huet -, muss ee fir d'éischt emol soen, datt een e Kenntnisstand huet, op jiddwer Fall, wat mech betrëfft, dee relativ limitéiert ass. Ech misst dru schaffen, ech maachen dat einfach net; mee ech versprechen lech, dat deemnächst ze maachen, wann ech och e bësse méi Zäit wäert hunn. Mee op jiddwer Fall kann een awer eng Partie Saache soen, well mir wäerte géint dee Projet de loi stëmmen.

Et gëtt oft gesot, datt Technologie politesch neutral wieren. Ech mengen, ech hunn esou eppes och scho mol gesot. Ech mengen, dat ass net ganz richtig, dat ass sech d'Liewen e bëssen ze vill einfach gemaach. Technologie sinn ëmmer och de Produkt vu sozialen Entwécklungen, a sozial Entwécklung si per se net politesch neutral.

Elo ass et esou bei de Blockchains, déi kënnen am Konkreete ganz verschidden Applikatiounen kréien. Si kënnen solidaresch Applikatiounen kréien. Notamment a Griichenland ass dat benotzt ginn, zemoos an der Krisenzäit 2015, 2016, wou Leit sech hu misen aneschtens organiséieren, nodeems d'Troika do ekonomesch geputscht hat. Dat heescht, do kann ee solidaresch Mesuren opbauen.

Mee natierlech kann een dat och aneschtens ugoen, notament, wann een a méi e spekulative Beräich erageet. A mir gesinn, déi éischt Öffnung, déi d'Regierung hei mécht, déi geet an déi Richtung - och wann dat der CSV net séier genuch geet an och wann d'CSV déi Diere vu Spekulation opgrond vun deenen Technologien nach vill méi schnell wëllt opmaachen an an deem Sënn total irresponsabel handele géif. Et ass ëmmer witzeg ze gesinn, wéi déi „altwärdige“ Partei, d'CSV, déi jo ganz vill politesch Kapital op hir Responsabilitéitspause gesat huet, u sech a Wierklechkeet a Finanzfroen total irresponsabel, jo, sou quasi e „Finanzpunkt“ ass. An ech mengen, mir musse ganz gutt oppassen, datt mer net an déi Richtung ginn.

À propos Punkten: Den Här Mosar huet an deem Kontext missen eppes uschwätzen, de Vott vun zwee vun eise Kolleegen, dem Här Marc Angel an dem Tilly Metz, vun enger Resolution, déi vun der GUE, also der lénker Fraktioun am Europaparlament initiéiert gouf.

Fir d'éischt emol wollt ech dem Marc Angel an dem Tilly Metz wierklech felicitéiere fir hire Courage. Si hunn hir Aarbecht an deem Sënn wierklech gutt gemaach a si wousste bestëmmt, datt dat net einfach ass, esou eng Resolution als Lëtzeburger Europadeputéiert matzedroen. Mee si hu bewisen, datt een och kann inteege funktionéieren an datt een och d'Allgemenggutt viru Partikularinteressen a vläicht souguer viru privat Interesse stellt.

Wat mech an deser Situatioun stéiert, dat ass, datt vu gewëssener Säit, meeschtens vun der rieter Säit, esou gemaach gëtt, wéi wa gewësse Praxisen, déi ganz kloer Steierevasioun sinn, ... datt dat mat nationalen Interesse vermëscht gëtt, obwuel et a Wierklechkeet nëmmen drëms geet, privat Interesse vun e puer Leit ze beschützen.

Jo, Lëtzebuerg ass opgrond vun enger Etüd vun Oxford op d'Plaz Nummer siwen, mengen ech, vun de „paradis fiscaux“, wéi een dat och ka bezeechnen, gesat ginn. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, mat der Schwäiz, déi nach virdrun ass, Irland ass nach virdrun, Holland ass nach virdrun. Mir sollen net Märtyrer spillen, also si ginn och benannt. Lëtzebuerg huet d'Praxisse vun Évasion fiscale.

Schonn nëmmen am Joer 2015, dat seet déi Etüd jo och, si 600 Milliarden Euro Benefisser vu Multinationallen op verschiddene Plaze gelant, y compris Lëtzebuerg. Een Drëttel dovunner an der EU - d'Schwäiz ass jo net an der EU, do wäerten der och vill gelant sinn -, well eebe gewësse Länner Legislatiounen hunn, déi et de Multien erlaben, quasi keng Steieren oder ganz wéineg Steieren ze bezuelen. A mir wësse ganz gutt, wat fir eng Gefor d'Multie fir d'Demokratie, fir d'Ëmwelt a fir d'sozial Rechter duerstellen. A wien dat verteidegt, dee verteidegt net d'Interesse vun de Leit, an dee verteidegt och net d'Interesse vun de Leit hei zu Lëtzebuerg! Haalt op, esou Saachen ze erzielen!

Ech stelle fest, datt den Här Angel an d'Madamm Metz hir Aarbecht gemaach hunn, an et muss een

hinne felicitéieren. An ech stelle fest, datt d'CSV an d'ADR op der Säit vun de Multie sinn an op der Säit vun enger Handvoll Leit, déi sech um Bockel vun der Allgemengeheet a vun der Bevëlkerung beräicheren. An d'Jugend, d'Jugend hautdesdaags, déi fält net méi op esou Logiken eran, si huet lech och schonn duerchkuckt!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här David Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert mech hei elo net an eng Klassekampfdialektik amëschen, ech iwwerloossen dat deenen, déi sech méi mat deene Bicher auserneegesat hunn. Ech sinn éischer teen, dee sech mat den technologesche Bicher auserneegesat huet, an do kann ech dat Wëssen dann haut, mengen ech, och mol eng Kéier hei um Podium notzen.

De Blockchainsystem ass eng technesch Innovatioun - dat gouf haut scho gesot -, déi eis erlaabt, Date méi sécher ze späicheren, awer och ze iwwermëttelen. Déi meescht, wa se vu Blockchain schwätzen oder vun der Blockchain héieren, denken direkt u Bitcoin. A wien am Moment u Bitcoin denkt, deem ginn d'Ae grouss an deen denkt: „Domadder ginn ech räich!“ Bon, deen huet vläicht haut net d'Course gekuckt, well haut ass de Bitcoin tatsächlech erofgaangen. Dat weist, datt et e spekulatiiv Instrument ass, a mir sollten dat net mat iergendenger Wäertulag vergläichen; et si Bits a Bytes. Nichtsdestotz hunn déi Bits a Bytes eng Valeur kritt, well se begrenzt sinn.

Mee dat huet näischt mat der Blockchain u sech ze dinn, well eng Blockchain per se ass net limitéiert. Eng Blockchain per se ass näischt anescht wéi eng dezentraliséiert Datebank, wou all Knuet an deem Réseau d'Aarbecht vun all deenen anere Kniet am Réseau kontrolléiert.

Firwat also esou e komplizéierte System? Ma esou e komplizéierte System mécht Sënn, wann ee mat e puer Partner wëllt Saachen deelen an ee mat deene puer Partner wëllt sécher sinn, datt keen deen anere beduckse kann.

Elo stellen ech mer awer d'Fro, wann ech dese Projet hei liesen: Brauche mir eng Blockchain fir dat heiten? Well wann all d'Computeren oder d'Majoritéit vun de Computeren an engem Réseau vun enger Blockchain vun deem nämmelechten Acteur kontrolléiert ginn, da kënnen genau esou Ännerungen an där Datebank gemaach ginn, wéi wann et eng ganz normal Datebank wär. Et ass also näischt Neies.

D'Blockchain ass eréischt dann innovativ a garantéiert eng besser Datesécherheet an eng „Datenintegritéit“, wéi ee seet, wann een d'Computere vun e puer Leit kontrolléiere léisst. An der Hypothees vun Titren, vu Comptes-titres wär dat also de Fall, wann net eng Bank déi Comptes-titres géif geréieren, mee wann déi Comptes-titres vun e puer Banke géife geréiert ginn.

Elo wësse mer awer, datt dat an der Realitéit seelen de Fall ass. Esou ergëtt sech dann hei déi kokass Situatioun, datt mer mat engem Gesetz eppes erlaben, wat virdrun net verbuede war a wat warscheinlech um Terrain och net onbedéngt en direkten Impakt huet. Well eng Blockchain, wou all d'Computere vun deem Nämmelechte kontrolléiert sinn, ass eng Datebank. An Datebanken, dat huet de Kolleeg François Benoy erkläert, gëtt et scho säit e puer Joer, fir Titren dematerialiséiert ze verwalten. Innovatioun: Mir hunn en neien Numm drop gesat.

Dat heite Gesetz ass méi Marketing fir eis Finanzplaz fir ze soen: „Ma kuckt hei, mir maachen eppes mat Blockchain!“ Et ass e bëssen esou, jo, Bullshittingo: Mir huele grouss Termen an de Mond a mir hoffen, datt d'Leit net d'Substanz kucken.

Mee natierlech huet eng Blockchain Virdeeler - wa se da verdeelt ass, wa se net nëmmen engem gehéiert -, dozou gehéiert, datt et fir d'Compliance méi einfach gëtt, d'Transaktiounen ze retracéieren, well kee se ännere kann. Wann awer d'Blockchain erëm komplett deem Nämmelechte gehéiert, da kann ech awer eppes ännere goen. Tout au contraire riskéiert een da souguer, datt d'Compliance sech kéint doduerjer irritéiere loosse, datt et jo eng Blockchain ass, déi jo net editabel wär, an dofir net genausou gutt géif hikucken, wéi se et bei enger normaler Datebank oder bei engem Regëster um Pabeier géif maachen.

D'Blockchain ass also hei eng Léisung, déi et scho gëtt, et ass eng Léisung, déi scho deployabel war, déi scho konnt benotzt ginn, a lo maache mer e Gesetz dofir! Bon. Et ass Marketing. Et stéiert mech net, eppes explizitt ze erlaben, wat virdrun net verbuede war, an dofir stëmme mer dat Gesetz hei mat, och wa mer net mengen, datt sech doduerch iergendeppes ännere wäert.

Ech soe Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

***Prise de position du Gouvernement***

■ **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem Luef fir den André Bauler als President vun der Commission des Finances et du Budget, der Cofibu. Bon, dat gehéiert zur Rhetorik, zu den Habituden, mee ech hunn och fonnt, léiwen André, dass dat haut particulièrement gelonge war, op engem ganz schwéiere Sujet. Här Bauler, Dir hutt lech vill Méi ginn an Dir hutt och d'Wichtigkeet vun der Saach ënnerstrach. Dofir e grouse Merci och vu menger Säit.

Ech wollt hei e puer Punkten ënnersträichen. Zum Éischten: Mir gehéieren zu deene rare Länner, déi elo mol schonn eppes an hirem Gesetzeskader iwwer d'Blockchain gemaach hunn. Et gëtt där Länner net ganz vill. Et kann een natierlech ëmmer deen een oder deen aneren erauspicken - Frankräich ass dat bekanntst Beispill -, déi hätte méi gemaach. Ech weess awer net, ob se doduerch méi attraktiv si wéi Lëtzebuerg.

Deen zweete Punkt ass fir ze soen, dass mer hei effektiv, trotzdem dass hei vill iwwer d'Blockchain geschwat gëtt, „agnostesch“ par rapport zu der Technologie sinn - fir en Ausdrock ze gebrauchen, deen den Här Clement gäre gebraucht, deen och ganz an der Rei ass, an op deem Punkt sinn ech och ganz mat him eens. Mee mat senger Konklusioun, déi e virdu gezunn huet, absolutt net! Mee ech wäert dorop zrëckkommen.

Mir sinn hei an der Kontinuitéit vum Gesetz vun 2019, wat Dir gestëmmt hutt a wou mer justement de Fait, dass mer technologieutral sinn, verankert hunn. Mir ginn hei e Schratt méi wäit, andeem mer d'Emissioun vun Titren iwwert d'Distributed-Ledger Technology erlaben.

Mir hunn also eng Approche vum Step-by-Step, Schrëtt fir Schrëtt. A mir wäerten och weider esou schaffen. Firwat? Majo, well et eng Welt ass, déi vun der Blockchain an der Utilisatioun vun deser Technologie, déi immens séier evoluéiert. Mee obwuel se séier evoluéiert, muss een och op dat Wuert „evoluéiert“ oppassen. A wann een do virun de Won spréngt a vläicht ze vill reegelt, da muss een herno erëm de Réckgang aleen, oder et muss ee komplementär legiferéieren.

Mir maachen et also Schrëtt fir Schrëtt, aus där Iwwerleeung eraus. Mir maachen et awer och Schrëtt fir Schrëtt wéinst Europa, well Europa jo op dese Sujete schafft. Ech hu virdrun an der Question élargie vum Projet vun der MiCA-Direktiv geschwat. Déi wäert sech mat dem Cadre juridique vun den Token ofginn. An do wäerte Reegelen op europäeschem Niveau op eis duerkommen an Zäit vun engem bis zwee Joer.

Firwat solle mer dann elo higoen an do anticipéieren an do schonn eng Wal treffen, wéi verschidde Saache solle reguléiert ginn, wa mer wëssen, dass mer an engem oder zwee Joer eng europäesch Direktiv hunn? Also ass et besser, sech Schrëtt fir Schrëtt ze adaptéieren. Dat gëtt eis déi Méiglechekeet, pragmatesch, attraktiv ze sinn, an net herno mussen, wéi gesot, de Réckwärtsgang anzeleeën oder aner Gesetzter ze stëmmen.

Wéinst deenen, déi eis net esou gutt gesënnt sinn dobaussen - an där gëtt et, haaptsächlech déi, déi e bësse jealous sinn op eis Finanzplaz -, wa mer Saache géife maachen, déi sech a sechs Méint als reegeldiddig erweise par rapport zu Europa, géif och erëm eng Kéier mam Fanger op eis gewise ginn: „Hei, Lëtzebuerg huet do eppes gemaach, wat elo erëm eng Kéier muss réckgängeg gemaach ginn, well se do net richtig agéiert hunn.“ Mir versichen also, op där enger Säit virsiichteg ze sinn an an engems attraktiv ze sinn.

An dat war mäi véierte Punkt, a mäi leschten, dat ass fir ze soen: Dat hei ass alles aneres wéi theoretesch. Alles aneres wéi theoretesch! Mir sinn dat éischt Land, wou Investitiounsfongen iwwert d'Blockchain verdeelt gi sinn, mat FundsDLT. Dat war virun zwee Joer. Mir hunn Initiative wéi Infrachain oder European Blockchain Hub, déi schonn elo nom Gesetz vun 2019 funktionéieren. Hei si mer net an der Fantasie! Dat si Saachen, déi gëtt et!

A virun e puer Deeg huet eng Plattform vun Distributed-Ledger-Technologies, genannt HQLA, hei eng nei Initiativ lancéiert, fir Lëtzebuerg als Plattform ze gebrauchen, erëm eng Kéier op der Blockchain. Also dofir, déi, déi soen, dass dat heiten entweder reng theoretesch wär, dat kann ech natierlech net gëlle loosse. An déi, déi mengen, dass mir hei net an den éischte Waggone wäer vun der Digitalisatioun, vun der Utilisatioun vun den neien Technologien, gekoppelt un d'Finanzplaz, déi iere sech!

An ech hunn och virdu vum Succès vum Luxembourg House of Financial Technology geschwat, wou mer jo eng ganz grouss Zuel vun Entreprises hunn, déi reegelméisseg heimadder schaffen. Also,

mir sinn do am Peloton virbäi! Dofir freeën ech mech, dass esou vill Fraktiounen haut dese Projet de loi hei ënnerstëtzen.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7637. Den Text steet am Document parlementaire 7637<sup>3</sup>.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7637 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

***Appel nominal (votes par procuration)***

Domadder ass de Projet de loi 7637 mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aderm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

**6. 7735 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2020/2020 du Conseil du 7 décembre 2020 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne des mesures temporaires relatives à la taxe sur la valeur ajoutée applicable aux livraisons de vaccins contre la Covid-19 et aux dispositifs médicaux de diagnostic in vitro de cette maladie, en réaction à la pandémie de Covid-19**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7735, der Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier un de Reporter vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

■ **M. André Bauler (*DP*)**, *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vun der Covidpandemie hu mer schonn eng ganz Rei vu Gesetzesprojeten an Debatten hei am Haus organiséiert. Och wa mer nach sécherlech net iwwert de Bierg sinn, gesi mer schonn, dank de verschiddenen Impfstoffer, déi eis elo mëttlerweil Dag fir Dag an de Medie presentéiert ginn an déi och no an no vun der Europäescher Medikamentenagence autoriséiert ginn - an do sinn ech da ganz virsiichteg a menger Wuertwal -, schonn „e puer Liichtercher“ um Enn vum Tunnel.

Jo, d'Impfung mécht ville Leit, wann och sécher net allen, Hoffnung, datt mer graduell erëm an e méi normaalt Liewen zrëckkéiere kënnen. „In dieser Pandemie wird es keine Impfpflicht geben“, sot de leschte Mëttwoch den däitsche Gesundheitsminister, deen enger genereller Impfpflicht op en Neits eng kloer Ofso erdeelt huet. „Wir setzen auf Argumente, auf Informationen und Vertrauen in den Impfstoff“, sou de Jens Spahn.

D'Diskussioun ronderëm d'Sécherheet vun den Impfstoffer, hir Wierksamkeet an eventuell gesond-